

A Gotteshutt 1940 - 1945

Duurch Verbriederhand gezwongen  
hun eis Lëtzebuerger Jongen  
aus der Hemecht misse goen,  
mä nët ouni nach ze soen :  
„Kräisch nët, méng Mamm, hief gudde Mutt,  
mir kommen erëm, 't'gët alles gutt,  
no kaurzer Zäit si mer doheem,  
an dann, léif Mamm, gët alles erëm schön !“

Eiser Härgott huet Dag a Stonn gewollt,  
a munnech gudde Jong,  
nët méi heem bei d'Mamm komme konnt.  
An der Bléi vun hire Joëren  
huet den Härgott se gepléckt,  
fir se a säi Land ze droen,  
hinne ze schenken en éiwegt Gléck.

Wéi se um Schluechtfeld si verblutt,  
woren se bestëmmt a Gotteshutt.  
An der Friemt begruewen munnech Lëtzebuerger Kand,  
es as gestuerven fir Fräilheet,  
fir d'Hemecht, fir eist Land.

*Jéing Kaus*

6/

VERGEWALTET, GEZWONGEN.  
\*\*\*\*\*

Si haaten eis d'Héemecht, eis Freihéet geholl  
eise Fuendel , ... eis hellecht's Gidder  
si haaten entweiht ons Héemechts'scholl  
verbueden eis Sprooch an och ons Lidder

Mir konnten nēt erdroen de Zwang an déi Schmoed  
mir haaten eist Land esou gieiren  
Géint Terror, Prisong ewéi feige Veroot  
wëlle mir eis bis zum lèschte wieren

Ni hätte mir och gebrach dén hëllegen Aed  
déé mir der Héemecht geschwären  
sin trei dir nach am déiwste Léed  
o Letzebuerg dat mech gebūren

Wéi si eis gezwongen, verfollegt, gehätzt, gejoot  
an op de kräizwée eis gezwongen  
hu stëll mir eise leschten amen gesoot  
mat him ass eist Liewe verklongen

Mir ruffen dech haut, léiwt Héemechtsland  
fir dat mir sou villes gelidden  
o bleiw an der Freihéet och trei déngem Kand  
et gong an der Doud fir dāi Fridden.

Jäng HAAS  
Scheffleng.

REIBERBAND (op d'Veiss Letzebuerg de Letzebuenger)

=====  
Onse Buedem gett getrëppelt  
vun der groer Reiberband  
an de Judas bai ons stëppelt  
zum Verot um égene Land  
scho vill Letzebuenger béssen  
fir hir Trei zum Land, zum Thron  
dach dat duerf iech nëtt Verdréssen  
Jidder Jydas kritt sei Loun.

Refrain

Letzebuenger haalt zesummen, hält iech frai à stiez beräd.  
héiert an der Loud dat brommen  
dat dem Preis sain Dout beglät.

II

Fir eis Kanner ze versklaawwen  
huet de Preis eis iwwerfall  
fir ze stielen an ze raawwen  
an zeplennenen Haus a Stall  
mai eis d'Häerz kann hien net stielen  
am eis Léiwt zum Throun zum Land  
t'eschend Preis an Dout ze wielen  
réschen mir dem Dout eis Hand.

III

Letzebuenger net verzoen  
jéet se fort déi schaugreg Dräm  
wäll geschwönn wärd Stonn néss schloen  
wou eis d'Charlotte kënnt néss héem  
wou lanscht d'Ulzecht, Mousel, d'Sauer  
wou vun Esch bis Elwen klénkt  
wou de Bierger an de Bauer  
an den Aarbechter fräi néss séngt.

Autor ???